piraten.lu

N°3455
Entrée le 13.01.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

Laut rezenten Informatioune goufen am Joer 2025 ronn 40 Persoune wéinst "Money Muling" verhaft. De Schued duerch dës Aart vu Finanzdelikter läit eleng zu Lëtzebuerg bei iwwer 10 Milliounen Euro. Besonnesch besuergneserreegend ass, dass d'Täter dacks iwwer sozial Medie rekrutéiert ginn an et sech heibäi haaptsächlech ëm méi jonk Leit handelt. Dës Form vun der Geldwäsch, wou Privatpersoune fir d'Weiderleedung vu geklaute Gelder benotzt ginn, schéngt zu Lëtzebuerg zouzehuelen. D'Rekrutéierung iwwert sozial Netzwierker mécht et fir d'Organiséiert Kriminalitéit méiglech, anonym ze bleiwen an d'Spueren ze verwëschen, wärend jonk Leit sech dacks net bewosst sinn, dass si sech un enger krimineller Aktivitéit bedeelegen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir d'Rekrutéierung vu "Money Mules" iwwert sozial Medien ze bekämpfen?

2. Gëtt et spezifesch Opklärungscampagnen, déi sech u jonk Leit riichten, fir si iwwert d'Risiken an déi legal Konsequenze vum "Money Muling" ze informéieren?

3. Wéi eng Zesummenaarbecht besteet tëscht de Lëtzebuerger Autoritéiten an de Bedreiwer vu sozialen Netzwierker, fir verdächteg Rekrutéierungsaktivitéiten ze detektéieren an ze ënnerbannen?

4. Wat ass de Rôle an d'Verantwortung vun de Banke fir "Money Muling" z'ënnerbanne wa bei jonke Mënsche mat wéineg Ressourcen op eemol substanziell Montanten zesummekommen?

5. Wéi eng Moyene stinn der Police an dem Parquet zur Verfügung, fir d'Haaptorganisateuren hannert

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

de "Money Muling"-Netzwierker ze identifizéieren an ze verfollegen?

6. Plangt d'Regierung, zousätzlech Ressourcen an d'Bekämpfung vun dëser Form vu Finanzkriminalitéit ze investéieren, a falls jo, a wéi engem Ëmfang?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, der Madame Justizminitesch, Elisabeth Margue a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro N° 3455 vum 13. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement zum Sujet lutte contre le "money muling".**

1. **Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung, fir d'Rekrutéierung vu "Money Mules" iwwert sozial Medien ze bekämpfen?**
2. **Gëtt et spezifesch Opklärungscampagnen, déi sech u jonk Leit riichten, fir si iwwert d'Risiken an déi legal Konsequenze vum "Money Muling" ze informéieren?**

Aktuell ginn et verschidde lafend Affären am Zesummenhang mam „money-muling". An dëse Fäll stinn dem Parquet an der Police d'Moyenen zur Verfügung, déi am Code de procédure pénale souwéi am Beräich vun der internationaler strofrechtlecher Rechtshëllef virgesi sinn. Fir net de Risiko anzegoen, d'Ermëttlungsstrategien a Gefor ze bréngen, verëffentlecht de Parquet, dee fir dës Affären zoustänneg ass, keng detailléiert Informatiounen. Dat kéint nämlech Afloss op de Modus operandi hunn, deen d'Organisateure vun dëse Reseauen de Moment uwenden.

Am Kader vun der Preventiounsaarbecht, diffuséiert d'Police Messagen op de soziale Netzwierker an op hirer Website fir de Public op de Phänomen an d'Risiken hinzeweisen. Duerch dës Sensibilisatioun gëtt versicht d'Unzuel vun den Affer ze reduzéieren a potentiell Auteuren ofzeschrecken, andeems ënner anerem op déi penal Sanktioune vum Money Muling higewise gëtt. Och wann de Parquet am Zesummenhang mat „money-muling" ëffentlech kommunizéiert, ginn ausdrécklech d'Präventiounsrecommandatioune fir d'Affer an d'Sanktioune fir d'Auteuren betount. Dës Aspekter ginn dann och reegelméisseg vun de Medien un de grand public weider verbreet.

Am Dezember 2025 gouf dann eng nei Internetsäit iwwer de sougenannte „Money Mule" op www.lëtzfin.lu geschalt, mat kuerzen Erklärungen iwwer de Prinzip vum „Geldiesel", d'Rekrutéierung, Warnsignaler, déi rechtlech Konsequenzen an och wat ee maache kann, wann ee betraff ass. Dat fir d'Leit allgemeng ze sensibiliséieren. Donieft ass och geplangt de Sujet méi breet iwwer Social Media-Kanäl ze deelen. www.lëtzfin.lu ass eng Initiative, déi vun der CSSF am Kader vun der nationaler Strategie fir Finanzbildung entwéckelt gouf mam Zil d'Leit iwwert allgemeng Finanzsujeten op eng einfach Aart a Weis z'informéieren.

D'Police kläert reegelméisseg iwwer méiglech „Arnaquen" op, esou wei an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 3181 vun Dezember 2025 erkläert ass. Um Internetsite vun der Police ginn ënnert der Rubrik Präventioun Aktualitéiten a Rotschléi publizéiert, fir d'Bierger op Geforen a Risiken opmierksam ze maachen.

2023 huet d'Police ee Communiqué[1] spezifesch iwwer „money muling" publizéiert an Erklärungen um Internetsite veröffentlech, déi am Januar vun dësem Joer aktualiséiert goufen (https://police.public.lu/fr/prevention/dangers-sur-internet/money-muling.html).

[1] https://police.public.lu/fr/actualites/2023/11/semaine-48/money-muling.html

Am Joer 2024 huet Police e preventiivt Plakat zum Thema “Money Muling” ausgeschafft. Dëst ass u sämtlech Lycéeën am Land, esou wéi och an de Strukture vun der Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) verdeelt ginn. Donieft gëtt d’Thema och an de Präventiounscouren vun der Police an den ieweschte Klassen an de Lycéeë behandelt. Doriwwer eraus ass d’Police aktuell am gaangen e Projet zum Thema “Money Mules” mam Maacher Lycée ze realiséieren, wou d’Schüler kleng Videoen a Form vu Reels (kuerz online Videoen) erstellen, fir dës kënnen zu präventiven Zwecker op de soziale Medien ze notzen.

Elo am Februar 2026 ass vun der Police eng weider Sensibiliséierungs- an Opklärungscampagne an der Presse an op de sozialen Netzwierker geplangt.

BEE SECURE sensibiliséiert Jonker iwwert d’Risiken ronderëm Medien a Kommunikatiounstechnologien a gräift dobäi och aktuell Trends op. Am Kontext vun enger Publikatioun («thematische Bäitrag») ënnert dem Numm „Verlockung vum schnellen an einfachem Geld“ huet BEE SECURE rezent, an Ofstëmmung mat der Police Lëtzebuerg, nierwt Multi-Level-Marketing, Online-Glécksspill, Online-Investing/Trading a Kryptowährungen och de Sujet Money Muling thematiséiert. Zousätzlech weist d’Campagne „Keen ass perfekt - Gleef net alles am Netz“ op de Problem vun Influencer hin, déi e luxuriéise Lifestyle a vermeintlech „finanziell Erfolgsrezepter“ virspillen.

BEE SECURE offréiert Workshops fir Schoule fir iwwert d’perséinlech Daten am Netz ze informéieren a post reegelméisseg Artikelen, déi sech mat dësen Theme befaassen. D’Thema vu Money Mules gëtt hei ënner anerem och regelméisseg ugeschwat.

**3. Wéi eng Zesummenaarbecht besteet tëscht de Lëtzebuerger Autoritéiten an de Bedreiwer vu sozialen Netzwierker, fir verdächteg Rekrutéierungsaktivitéiten ze detektéieren an ze ënnerbannen?**

Am Kader vum Digital Services Act gouf BEE SECURE als National Trusted Flagger zu Lëtzebuerg désignéiert. Dëst erlabt et iwwert e vereinfachte Wee Kontakt mat de VLOPs (Very Large Online Platforms) ze kréie fir d’Läsche vun engem potentiell illegale Contenu ze fuerderen.

Am Fall vu Bedruch verweist BEE SECURE d’Leit un d’Cellule de Renseignement Financier vun der Justiz.

De Service vun der Police Judiciaire schafft enk mat den Acteuren um Terrain zesummen, wéi CSSF, ABBL oder och direkt mat de Banken, fir sech auszetauschen a Mesurë géint Finanzkriminalitéit zesummen ëmzesetzen.

**4. Wat ass de Rôle an d'Verantwortung vun de Banke fir "Money Muling" z'ënnerbanne wa bei jonke Mënsche mat wéineg Ressourcen op eemol substanziell Montanten zesummekommen?**

D’Sensibiliséierung kann, wéi an der Äntwert op d’Froen 1 an 2 beschriwwen, dozou bäidroen, dass jonk a manner jonk Mënschen sech net als „Money Mule“ benotze loossen.

Donieft sinn d'Banken awer och gesetzlech verflicht, d'Cellule de renseignement financier („CRF") z'informéieren, wa si Kenntnisser, Verdachtsmomenter oder raisonnabel Grënn hunn, fir unzehuelen, datt eng Transaktioun mat Geldwäsch oder Terrorismusfinanzéierung a Verbindung steet. Dës Meldeflicht erstreckt sech ausdrécklech och op versichten Transaktiounen.

Des Weidere sinn d'Banken och gehalen, fir eng lafend Iwwerwaachung vun de finanziellen Aktivitéite vun hire Clienten duerchzefeieren an ongewéinlech oder verdächteg Transaktioune besonnesch suergfälteg ze analyséieren. Dës Pflichte stellen e wesentlecht Instrument fir déi fréizäiteg Erkennung vu verdächtege Verhalen duer a bilden eng zentral Basis fir eng eventuell Meldung un d'CRF.

5. **Wéi eng Moyene stinn der Police an dem Parquet zur Verfügung, fir d'Haaptorganisateuren hannert de "Money Muling"-Netzwierker ze identifizéieren an ze verfollegen?**

Mir verweisen hei op d'Äntwert op d'Fro 1.

6. **Plangt d'Regierung, zousätzlech Ressourcen an d'Bekämpfung vun dëser Form vu Finanzkriminalitéit ze investéieren, a falls jo, a wéi engem Ëmfang?**

Esou wei an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°2239 schonns kloer duergeluecht, ass de Kampf géint d'Finanzkriminalitéit, an domat och géint de „Money Muling", eng Prioritéit vun dëser Regierung. Dofir sollen zousätzlech Ressourcen an d'Bekämpfung vun dëser Form vu Kriminalitéit investéiert ginn, souwuel bei der Police, ewéi bei der Justiz. Bei der Police judiciaire ass et d'Zil fir den Département éco-fin mat 70 Leit ze verstäerken, fir en Effectif vun insgesamt 200 Memberen am Departement bis 2030 ze erreechen. Mä och déi präventiv Servicer an der Police sollen am allgemengen verstäert ginn an och d'Justizautoritéiten ginn, wéi schonns e puer Mol op parlamentaresch Froe geäntwert, an de Joren 2024 bis 2027 personalméisseg massiv opgestockt.

Um legislative Plang sinn an dëser Legislaturperiod schonns Mesurë geholl ginn a wäerten och nach weider Gesetzesprojeten deposéiert ginn, fir der Police an dem Parquet déi néideg Moyenen ze ginn, déi Kriminell méi effizient ze ermëttelen an ze poursuivéieren, och am Beräich vun der Finanzkriminalitéit.

Zousätzlech Piste fir d'Stäerkung vun der Policeaarbecht si Mesuren, wéi z.B. d'Approches administrativen, déi ee wichtegt Element am Echange vun Informatiounen an enger Enquête sinn.

Lëtzebuerg, de 13. Februar 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden